

Matmaachen!

Grondleeënd Prinzip bei de Piraten ass **Basisdemokratie**, di et all Member vun der Partei erlaabt hir Zukunft matzegestalten.

Matschwätzen

Du wëlls Piraten treffen, mat hinnen diskutéieren, dat ganzt an enger lockerer Atmosphär? Dann komm **all 2ten Sonnden am Mount um 19h00 am Scott's Pub** laanscht!



[Facebook.com/pirateparteiLu](https://www.facebook.com/pirateparteiLu)



[Twitter.com/pirateparteiLu](https://twitter.com/pirateparteiLu)

Matschaffen

Bei de Piraten dierf **jiddereen** matmaachen! Aktiounen, Pressematdeelungen oder Texter ginn **gemeinsam** ausgeschafft. Decisiounen ginn **transparent** bei **ëffentlechen** Sätzungen geholl. Op <http://piratepartei.lu/matmaache> fënns de raus wéi och Du kanns matmaachen!

Matentscheiden

Gëff Member bei der Piratepartei an Du kanns d'Zukunft vun der Partei **selwer matbestimmen**!

<http://piratepartei.lu/matmaache/geff-pirat>

Froen an Äntwerten

Firwat "Pirate"?

D'Piratepartei Lëtzebuerg ass en Deel vun enger europäescher Bewegung an huet den Numm vun aneren Pirateparteien iwwerholl. D'Virbild ass déi schwedesch "Piratpartiet", déi sech 2006 gegrënnt huet fir géint Iwwerwachung, een veraaltend Urheber- an Patentrecht an Datenmëssbrauch virzegoen.

Ass d'Piratepartei nëmmen eng Partei fir Jonker?

D'Piratepartei ass eng Partei fir Mënschen vun all Altersklass! D'Verteidege vun de wichtigste Biergerrechter ass keng Fro vun Alter. Den aktuellen Duerchschnittsalter an der Piratepartei Lëtzebuerg, an deenen aneren europäeschen Pirateparteien, ass méi niddreg wei an aner Parteien, wat virun allem op déi grouss Ënnerstëtzung vun den Internetbenotzer zeréck ze feieren ass. Mä den Internet ass ouni Altersgrenz, d'Piratepartei scho guer net!

Firwat net méi Themaen?

D'Piratepartei huet eng kloer Meenung zu den Themaen, déi am Parteiprogramm festgeluecht sinn. Doriwwer raus wëllen mir aner Themaen réischt behandelen, wann mir de neideschen Know-how hunn, an déi Froen demokratesch diskutéiert goufen.

Wou positionéiert sech d'Piratepartei?

D'Piratepartei léist sech net am klassischen "lenks-riets" Spektrum positionéieren. All Persoun kann sech unhand onsen Themaen en eegent Bild maachen ouni vun politeschen Ideologien beaflosst ze ginn.

Wat bedeit basis-demokratesch oder "open democracy"?

Jiddereen kann bei der Piratepartei matmaachen an d'Themaen a Positiounen vum Wahlprogramm gestalten. De Parteiprogramm gëtt net vun uewen erof diktéiert, mä vun der Parteibasis erschafft a mat demokrateschen Mëtzel bestëmmt.



